N°2197
Entrée le 07.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.04.2025

adr

| Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | 8 |
|---|---|
| Référence : 224/25 | |
| 07 AVR. 2025 | |
| A traiter par<br>Copie à | |

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04. Abrëll 2025

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un d'Madamm Agrarminister weiderzeleeden.

Wéi aus engem haitege Facebookpost vun der Fédération Saint-Hubert des Chasseurs du Grand-Duché de Luxembourg ervirgeet, schéngt d'Tularämie (Huesepescht) zu Lëtzebuerg ukomm ze sinn. De Grond vun dësem Facebookpost ass, datt en Hond am Raum Jonglënster all Symptomer vun där Krankheet opgewisen huet.

Et ass gewosst, datt Tularämie duerch d'Bakterie Francisella tularensis Infektiounkrankheeten erreegt, déi vum Hues, respektiv Nagedéier op de Mënsch kënnen iwwerdroe ginn.

Aktuell leie keng Zuele vir, wat d'Ausmooss vun der Tularämie hei zu Lëtzebuerg ubelaangt.

Dofir stellen ech gär follgend Froen un d'Madamme Minister:

1. Sinn déi zoustänneg Ministeren iwwert de Fall informéiert ginn, a wa jo, wat sinn d'Mesuren, fir dësem Phenomen entgéintzewierken?
2. Sinn d'Veterinären duerch iergend eng Form vu Kommunikatioun informéiert ginn?
3. Ass d'Bevëlkerung doriwwer informéiert ginn, respektiv déi Leit, déi am meeschte betraff sinn?
4. Si preventiv Moossname schonn ausgeschafft ginn, a wa jo, sinn déi matgedeelt ginn?
5. Wann net, wat ass de Preventiounsplang, respektiv de Biosécherheetsplang, fir d'Déieren an d'Risikobevëlkerung ze schützen ?
6. Wévill Fäll vu Tularämie hei zu Lëtzebuerg sinn dem Minister bekannt, a wa jo bäi wat fir engen Déieren?

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742

7. Ginn et schonn Informatioun zur Infektioun mam Mënsch hei zu Lëtzebuerg?
8. Wéi sinn d'Statistiken iwwer Tularämie an der Groussregioun bei Déieren a beim Mënsch?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vun der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2197 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos.**

1. *Sinn déi zoustänneg Ministeren iwwert de Fall informéiert ginn, a wa jo, wat sinn d'Mesuren, fir dësem Phenomen entgéintzewierken?*

D'Informatioun, dass en Hond am Raum Jonglënster d'Symptomer vun der Tularémie uweist war eng falsch Informatioun vun de Jéer mee e Kadaver vun engem Hues matt Verdacht op Tularémie gouf am Veterinär- a Liewesmëttellabo (LAV) ofginn. Nodeems d'Analysen am LAV, Donneschdes den 3.Abrëll positiv confirméiert goufen, ass d'ALVA de selwechten Dag, a Freides de 4. Abrëll och d'ANF informéiert ginn.

2. *Sinn d'Veterinären duerch iergend eng Form vu Kommunikatioun informéiert ginn?*

Den offizielle Communiqué vum Ministère fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau ass Méindes de 7. Abrëll un all d'Veterinaire gemailt ginn.

3. *Ass d'Bevëlkerung doriwwer informéiert ginn, respektiv déi Leit, déi am meeschte betraff sinn?*

En offizielle Communiqué (Press release vum 7.04.2025) mat de wichtegsten Informatiounen iwwert d'Tularémie ass Méindes de 7. Abrëll un d'Press gaangen. Donneschdes den 3. Abrëll ass den zoustännege Fierschter informéiert ginn a Freides de 4. Abrëll ass och d'Gemeng Jonglënster an d'ANF iwwert den Ausbroch an och iwwert d'Biosëcherheetsmossnahmen informéiert ginn.

4. *Si preventiv Moossname schonn ausgeschafft ginn, a wa jo, sinn déi matgedeelt ginn?*

Spezifesch Moossnamen ewéi Impfungen oder Spärgebidder sinn net méiglech respektiv net virgesinn. D'Biosëcherheetsmossnahmen déi ee soll huele sinn am Communiqué vum 7. Abrëll matgedeelt ginn.

5. *Wann net, wat ass de Preventiounsplang, respektiv de Bioséchérheetsplang, fir d'Déieren and'Risikobevëlkerung ze schützen ?*

Et gëtt verwisen op d'Äntwert zur Fro 4.

*6. Wévill Fäll vu Tularämie hei zu Lëtzebuerg sinn dem Minister bekannt, a wa jo bäi wat fir engen Déieren?*

Aktuell ass d'Krankheet bei 3 Huesen festgestallt ginn:

- den 3. Abrëll 2025 een Hues bei Junglënster;
- de 16. Abrëll 2025 een Hues bei Wellesteen;
- den 2. Mee 2025 een Hues bei Mompech

*7. Ginn et schonn Informatioun zur Infektioun mam Mënsch hei zu Lëtzebuerg?*

D'Tularémie ass zu Lëtzebuerg eng rar Krankheet bei de Mënschen.

An den leschten 10 Joer gouf een eenzege klinesch confirméierte Fall vun Tularémie bei engem Mënsch bei der Gesondheetsdirektioun deklaréiert, an dat am Joer 2021.

*8. Wéi sinn d'Statistiken iwwer Tularämie an der Groussregioun bei Déieren a beim Mënsch?*

Well d'Tularémie bei den Déieren laut EU Recht keng geläschte Krankheet ass, gëtt et keng offiziell Donnéeën iwwert Ausbréch oder Fäll an Europa respektiv an der Groussregioun.

Um Niveau vun der Weltorganisatioun fir Déierekrankheeten (World Organisation for Animal Health) ass d'Tularémie an all eisen Nopeschlänner als präsent agedroen.

D'Statistike vun Tularämie beim Mënsch an der Grousregioun si follgend :

- A Frankräich sinn déi lescht publizéiert Donnéeën aus dem Joer 2018, wou an der Regioun Grand Est 11 Fäll deklaréiert goufen[1]
- 2023 goufe 5 Fäll an der Wallonie deklaréiert (laut de leschten Donnéeën) [2]
- 2024 goufen an Rheinland-Pfalz 12 Fäll an am Saarland 5 Fäll[3] deklaréiert.

Lëtzebuerg, den 7. Mee 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine DEPREZ

---

[1] https://www.santepubliquefrance.fr/maladies-et-traumatismes/maladies-transmissibles-de-l-animal-a-l-homme/tularemie/donnees/#tabs
[2] https://www.sciensano.be/sites/default/files/tularemie_2023_fr.pdf
[3] https://survstat.rki.de/Content/Query/Create.aspx